piraten.lu

N°3765
Entrée le 12.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.03.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Wann een e Virement duerchféiert – inklusiv via Payconiq – gëtt d'Wunnadress un den Empfänger iwwermëttelt, dacks ouni datt déi betraffe Persoun sech deem bewosst ass oder explizit domat averstan ass. Wat beim Bezuele vun enger Rechnung oder engem Don bei engem Stierffall nach praktesch ka sinn, geheit awer eng Partie Froen zum Dateschutz op.

An engem Kontext, wou Fäll vu Finanzbedruch reegelméisseg an der Aktualitéit ze liese sinn – Escroquerie'en, bei deenen d'Täter laut Aussoe vun den Affer gutt iwwert hir Victime Bescheed wossten –, ass et ubruecht, d'Fundament vun dëser Praxis a Fro ze stellen. Als konkreet Beispill: wann een sech 1 Euro via Payconiq iwwerweise léist, kann den Empfänger ee bis zwee Deeg méi spéit aus senger Bankapplikatioun eng PDF-Quittung fir dësen Transfert erof lueden. Op deem Dokument stinn Numm, Virnumm/Virnimm an déi vollstänneg Wunnadress vun der iwwerweisender Persoun– Informatiounen, déi normalerweis net ëffentlech sinn.

Et ass dorobber hinzeweisen, datt laut de Reglementatioune vum European Payments Council – notamment dem SEPA Instant Credit Transfer Scheme Rulebook 2025 – d'Iwwermëttlung vun der Adress vun der iwwerweisender Persoun (Feld P005) nees als "optional" an net als "mandatory" klassifizéiert ass. Dat werft d'Fro op, firwat d'Lëtzebuerger Banken dees Donnéeën trotzdeem systematesch iwwermëttelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat iwwermëttelen d'Lëtzebuerger Banken am Zäitalter vum RGPD nach ëmmer d'perséinlech

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Adress un den Empfänger bei engem Virement? Handelt et sech ëm eng Decisioun, déi jiddwer Bankinstitut fir sech selwer trefft, ëm eng lëtzebuergesch Eegenheet, oder ëm eng Praxis, déi am ganzen SEPA-Raum esou gehandhaabt gëtt?

2. Wéi ass dës Iwwermëttlung vun der Adress vereinbar mam Prinzip vun der Dateminiméierung, esou wéi et den Artikel 5 vun der Veruerdnung (EU) 2016/679 (RGPD) preconiséiert, laut deem persounebezunn Donnéeën "adequat, relevant a limitéiert op dat, wat fir d'Zwecker, fir deenen se veraarbecht ginn, noutwenneg ass" musse sinn?

3. Op wéi enger preziser juristescher Grondlag baséiert dees Dateniwwermëttlung? Kenne sech d'Banken op d'Ausféierung vun engem Kontrakt (Art. 6, Abs. 1, lit. b) RGPD), eng gesetzlech Obligatioun (lit. c) oder eng aner Rechtsgrondlag beruffen?

4. Iwwert wéi e Wee gëtt de Client iwwert dës Iwwerdroung vu senger Adress un Drëtter bei engem Virement informéiert, konform mat den Transparenzobligatiounen aus den Artikelen 13 a 14 vum RGPD?

5. Firwat gëtt och am Fall vu Payconiq – engem Bezuelinstrument, dat dacks als Cash-Ersatz fir kleng, alldeeglech Akeef benotzt gëtt – déi perséinlech Adress mat iwwermëttelt, nieft dem vollständegen Numm inklusiv zweeten a drëtte Virnumm, Informatiounen, déi normalerweis net ëffentlech sinn? De Benotzer rechent dacks net domadder, dat hie bei engem sou simpele Bezuelvirgang sou detailléiert perséinlech Donnée iwwermëttelt.

6. Wäert d'Aféierung vum Wero-Service, dem Nofollger vu Payconiq, Verbesserunge beim Dateschutz mat sech bréngen? Oder wäerten d'Benotzer och weiderhi bei all Transfert massiv hir privat Donnéeë präisginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten